

**Äntwert vum Här Aussen- an Europaminister Jean Asselborn op d'parlementaresch Fro
n°4874 vum 18. August vum honorablen Députéierten Här Fernand Kartheiser**

Äntwert op d'Fro n°1

Nee.

Äntwert op d'Fro n°2

Déi aktuell Situatioun am Afghanistan werft eng Réi Froen op, déi musse beäntwert ginn. Wa mer no 20 Joer internationaler Presenz sou e Réckschlag erliewen, da muss ee versichen ze verstoen, wat schif gelaf ass. Dat ass eng Fro, déi sech de westleche Länner stellt. Dat heescht net dat mir allgemeng Bedeelegung vu Lëtzebuerg un Auslandsmissiounen a Fro stellen .

Äntwert op d'Fro n°3

Eis Bezéiunge mat Russland berouen säit 2016 op 5 Prinzipper. Een vun dësen Prinzippien ass eng selektiv Kooperatioun an deene Beräicher, wou et sënnvoll ass mat Russland zesummen ze schaffen. Sujete wéi Afghanistan falen eendeiteg an dës Kategorie. Déi selektiv Kooperatioun huet keen Impakt op d'Sanktiounspolitik.

Äntwert op d'Fro n°4

An gesotem Interview hunn ech kloer ze verstoen ginn, datt eng Taliban-Regierung, déi d'Mënscherechter net respektéiert, net vun der EU kinnt akzeptéiert ginn. Déi Ausso ass kloer an am Aklang mat eisem Engagement fir d'Mënscherechter.